ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 8/02/2025

Rapport vun der Ëmwelt-Kommissioun vum 27.01.2025

Punkt 1: Presenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Lesch Luc	Vosman Joske (entschëllegt)	Schäffenrot
Losch Gilles		Schmitz Charel (TR-Engineering)
Malherbe Louis		Meyers Jöel (AC Helperknapp)
Pesch Serge		Muller Corinne (AC Helperknapp)
Stocco Mauro		Petry Dan (COPIL Natura 2000)
Winandy Tom		
Wirtz Pascal		
Wirtz Pit		
Quazzotti Luca		
Sedrani Catherine		

Punkt 2: Präsentatioun vun der Starkreenétude vum Schmitz Charel vu TR-Engineering

De Smitz Charel vun TR-Engineering huet der Ëmweltkommissioun an der Agrar-, Feld- a Bëschweekommissioun ënnert der Präsenz vum Schäfferot d' Staarkreenétude präsentéiert. Hei ass hien op den Oflaf vun der Etude agaangen, wou unhand vu Staarkreenkaarten an dem Input vun de Bierger no der Informatiounsversammlung am Hierscht 2023, all méiglech Problempunkten identifizéiert a kartographéiert goufen. Zu all Problempunkt sinn an dëser Etude Proposen ausgeschafft ginn déi op den eenzelne Punkte kéinten zu enger Verbesserung bäidroen.

Helperknapp, 8/02/2025

Unhand vun dem Beispill Kandelbaach, déi vum Openthalt op Bëschdref leeft, huet den Här Schmitz déi identifizéiert Problemstellen beschriwwen, an ass duerno op déi méiglech Moossnamen agaangen déi an dësem Beräich kéinten ëmgesat gi fir zu enger Verbesserung vun der Situatioun bäizedroen.

No der Presentatioun vum Här Schmitz hunn déi zwou Kommissioune gefrot fir de kompletten Dossier kéinten ze kréien. Sou hätten d'Membere vun deenen zwou Kommissiounen d'Méiglechkeet dës eng Kéier duerchzeliesen an an enger spéiderer Kommissiounssëtzung Stellung dozou ze huelen. Op Zouso vum Schäfferot solle mir déi komplett Etude zäitno zougeschéckt kréien.

Punkt 3: Verschiddenes

D' Kommissioun huet festgehalen zäitno eng Kommissiounssëtzung fest ze leen esoubal mir déi komplett Etude zougeschéckt kruten.